ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 7. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Laut Statec sinn am Joer 2015 52.533, am Joer 2016 57.317, am Joer 2017 59.827 an am Joer 2018 60.042 nei Gefierer nei ugemellt ginn.

1. Wéi vill vun dësen neie Gefierer goufen op Privatleit ugemellt?
2. Wéi vill vun dësen neie Gefierer goufen op Firmen ugemellt?
3. Wéi vill vun dësen neie Gefierer goufen als Leasing-Autoen ugemellt?
4. Wéi vill vun dësen neie Gefierer gi soit mat Bensin, Diesel oder Elektrizitéit bedriwwen?
5. Wéi vill vun dësen neie Gefierer - d'Elektroautoen natierlech ausgeschloss – hunn en Hubraum (ccm)
   - ënnert 1,6 Liter,
   - tëscht 1,6 Liter an 2,1 Liter,
   - iwwert 2,1 Liter?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**